N°698
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n°698, vum 7. Mee 2024 vum honorablen Deputéierte Sven CLEMENT**

***Ad 1)***

Jo.

***Ad 2)***

Als Äntwert op d'Iwwerschwemmungen am brasilianesche Bundesstat Rio Grande do Sul huet déi international Federatioun vum roude Kräiz a roudem Hallefmound (IFRK) den 11. Mee 2024 en Noutfall-Appell lancéiert an Héicht vun op mannst 8 Milliounen CHF (ëmgerechent ëm déi 8.12 Milliounen Euro) (d'Gesamtfinanzéierungsufuerderungen vum Appell si nach amgaangen vun der IFRK bestëmmt ze ginn). Op Basis vun den humanitären Bedierfnisser, déi duerch d'Iwwerschwemmungen entstane sinn, huet Lëtzebuerg entscheet, den Appell mat enger finanzieller Contributioun vun 200.000 Euro ze ënnerstëtzen.

Doriwwer eraus ënnerstëtzt Lëtzebuerg all Joer eng Partie humanitär Fonge fir eng efficace a lokaliséiert humanitär Hëllef op Katastrophen ze erméiglechen, dorënner och den Noutfallfong fir Katastrophenhëllef („*Disaster Response Emergency Fund*") vun der IFRK, dee schonn 1 Millioun Euro allouéiert huet fir eng schnell Hëllef op d'Iwwerschwemmungen zu Rio Grande do Sul.

Lëtzebuerg, den 5 Juni 2024

De Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel